



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17. Mee 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kultusminister weiderzeleeden.

D'IRFBA (International Religious Freedom or Belief Alliance) setzt sech dofir an, datt Unhänger vun de verschiddenste Reliounen a Glawensgemeinschaften op der ganzer Welt hir reliéis Iwwerzeegungen ouni all Zort vun Ënnerdréckung an Diskriminéierung kënnen ausüben. Si bezitt sech an éischter Linn op den Artikel 18 vun der universeller Mënscherechtsdeklaratioun, déi dat fräit Ausüben vum Glawe virgesäit. An deem Kontext huet d'IRFBA zesumme mat 12 Staaten - dorënner z.B. d'USA, England, Holland an Dänemark - eng offiziell Stellungnam publizéiert, wou et ëm d'Glawensgemeinschaft vun de Bahai geet, déi iwwerdeems och zu Lëtzebuerg aktiv sinn a sech ënnert dem Numm vun "bahá'ís du Luxembourg" regruppéieren. An där genannter Stellungnam geet Rieds dovun, datt d'Ënnerdréckung an d'Diskriminatioun vun de Bahai weltwäit an engem beonrouegende Mooss an d'Luucht geet.

An der Stellungnam heescht et ë.a., datt a verschiddene Länner Faiten optrieden, wou z.B. Studenten, déi dem Bahai-Glawen ugehéieren, vun Universitëiten expulséiert ginn, wou Bahai-Unhänger hire Besëtzt wechgeholl kréien a wou d'Bahai hire Glawen - dozou gehéieren och déi bahai-spezifesch Traditiounen a Riten, z.B. bei Hochzäiten oder Begriefnisser - net fräi kënnen ausüben.


Aktuell hu sech weltwäit scho 35 Staaten der IRFBA ugeschloss, dorënner och vill westlech Staaten.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Kultusminister:

1. Gouf et an der rezenter Vergaangenheet en Dialog tëscht der Regierung an der Glawensgemeinschaft vun de Bahai?
2. Ass d'Regierung iwwert eventuell Mësstänn an/oder Diskriminatiounen, mat deenen d'Bahai-Unhänger zu Lëtzebuerg konfrontéiert sinn, informéiert ginn, respektiv, huet d'Regierung Kenntnisser vun eventuelle Mësstänn an/oder Diskriminatioune vu Bahai-Unhänger hei am Land? Wa jo, ëm wéi eng Zort Mësstänn an/oder Diskriminatiounen handelt et sech hei a wat gedenkt d'Regierung an deem Kontext ze ënnerhuelen?

3. War d'Regierung iwwert déi uewe genannte Stellungnam, déi d'IRFBA zesumme mat 12 anere Staaten publizéiert huet, am Bild?
4. Firwat ass Lëtzebuerg bis dato nach net Member bei der IRFBA, déi sech am Sënn vun den universelle Mënscherechter fir dat fräit Ausübe vum Glawen asetzt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten